N°2993
Entrée le 06.10.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.10.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/10/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Laut rezenten Informatioune vun der ASTI an der Passerell gëtt et eng Rei vu Fäll, wou Persounen trotz enger fester Aarbechtsplaz a reegelméissegem Akommes keng Openthaltsgeneemegung zu Lëtzebuerg kréien. Dës Situatioun schéngt e "Däiwelskrees" ze sinn, wou d'Betraffener trotz hire wesentlechen Efforten, sech an den Aarbechtsmaart ze integréieren, duerch administrativ Hürde blockéiert ginn.

Dës Problematik ass besonnesch bedenklech, well se net nëmmen d'Liewensqualitéit vun de betraffene Persounen erofsetzen, mee och dem Aarbechtsmaart potentiell Aarbechtskräften entzitt, déi bereet sinn, zum wirtschaftlechen a gesellschaftleche Liewen zu Lëtzebuerg bäizedroen. D'Situatioun stellt och d'Kohärenz vun eiser Immigratiounspolitik a Fro, déi eigentlech d'Integratioun iwwer d'Aarbecht fërdere soll.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Fäll sinn dem Ministère bekannt, wou Persounen trotz enger fester Aarbechtsplaz keng Openthaltsgeneemegung kréien?

2. Wat sinn déi heefegst administrativ oder juristesch Grënn, firwat Persounen trotz enger Vollzäitbeschäftegung keng Openthaltsgeneemegung kréien?

3. Wéi eng konkret Mesuren huet de Ministère virgesinn, fir dës administrativ Hürden ofzebauen an de Prozess vun der Openthaltsgeneemegung ze vereinfachen?

4. Gëtt et eng Evaluatioun vun der aktueller Praxis, fir ze garantéieren, datt d'Prozeduren am Aklang

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

mat den Ziler vun der Integratiounspolitik stinn?

5. Wéi eng Méiglechkeeten existéiere fir Persounen, déi sech an dësem "Däiwelskrees" befannen, fir eng Léisung fir hir Situatioun ze fannen, a wéi ginn dës Persounen doriwwer informéiert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten